n° 2740

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:13, 28/08/2020

Lëtzebuerg, den 28/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Regierung huet ganz fréi am Kader vun der Covid-19-Pandemie op en effektiven a flächendeckende Testing gesat fir d'Pandemie zu Lëtzebuerg an de Gréff ze kréien. Am Géigesaz zu anere Länner goufen d'Tester zu Lëtzebuerg net ofhängeg gemaach dovunner vu wou een hierkoum oder wien een ass. D'Ziel war an ass et fir méiglechst vill Infizéierter ze detektéieren an hir Kontakter ze tracéiere fir esou Infektiounsketten z'ënnerbriechen.

D'Press huet elo rapportéiert datt de Jean Asselborn, als Ausseminister en Test zu Berlin refuséiert hätt mat der Begrënnung hie wier jo net aus engem Risikogebitt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et wouer datt den Ausseminister vun den däitschen Autoritéiten zu engem Test opgefuerdert gouf an dëse refuséiert huet?
2. Falls jo, huet hien dës Decisioun selwer getraff?
3. Huet sech der lëtzebuergescher Regierung hir Meenung zur Teststrategie geännert?
4. Falls nee, sinn d'Madamm Gesondheetsministesch an den Här Ausseminister net der Meenung datt ee grad als Politiker misst mat guddem Beispill virgoen an sech bei all Invitatioun teste loossen amplaz dës ze refuséieren?

Le caractère urgent de la question a été reconnu (28.08.2020)

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député